PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Konsumenteschutz, Tourismus & Justiz weiderzeleeden.

Wat d'Unzuel u Persounen, déi schonns vun enger Impfung géint de Covid-19 profitéiere konnten, weltwäit klëmmt, wat een och an der Wirtschaft vun ëmmer méi Geschäftsmodeller héiert, déi gezielt op geimpfte Persoune zougeschnidde sinn.

Rezent war en Ubidder vu Pauschalreesen an de Medien, well en Reklamm domat gemaach huet, Reesen exklusiv fir geimpfte Persounen unzebidden an och ganz Hoteller exklusiv fir Persoune mat Impfschutz ze reservéieren.

D'Reesagence hat awer ugekënnegt, des Offer eréischt dann unzebidden, wann d'Impfung géint de Covid fir jiddereen zougänglech wäert sinn, an esou probéiert d'Virwërf wéinst Diskriminéierung ofzewieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Eise Code penal gesäit kloer fir, dass et verbueden ass eng Persoun opgrond vun hirem Gesondheetszoustand ze diskriminéieren.
   Ass d'Regierung der Meenung, dass de Fait, e Bien oder e Service exklusiv geimpfte Persounen zur Verfügung ze stellen, eng Form vun Diskriminéierung duerstellt?
   Wéi begrënnen d'Ministeren hier Aschätzung?

2. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Zougänglechkeet vum Impfstoff e Krittär ass, dee Geschäftsmodeller, déi eng Ënnerscheedung tëscht geimpften an net geimpfte Persounen treffen, manner (oder souguer guer net) diskriminéierend mëscht?

3. Wäert d'Regierung et lëtzebuergeschen Hotelieren erlaben, just nach geimpfte Persounen ze ëmfänken?

4. Wäert d'Regierung et lëtzebuergesche Reesagencen erlaben, Reesen unzebidden, déi exklusiv u geimpfte Persoune verkaf kënne ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député